ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 27/11/2024

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 22 Oktober 2024

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Patrick EVERARD	Patrick KRAEMER (entschëllegt)	
Thierry EVERAD	Paul MANGEN (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Rapport)	Emile SPLICKS	
Louis MALHERBE		
Louis MEYER		
Joske VOSMANN		
Carole WINTERSDORF		
Pascal WIRTZ		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 10 Juli 2024 an vun der Visite vum Repair Café zu Walfer
3. Retouren aus der Gemeng
4. Projet Repair Café
5. Divers

Helperknapp, 27/11/2024

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

8 vun 11 Memberen waren präsent. 2 haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Rapporten approuvéieren

Béid Rapporten, vun der viregter Sëtzung an iwwert d' Visite vum Repair Café zu Walfer, goufen ouni weidere Kommentar acceptéiert.

Punkt 3 : Retouren aus der Gemeng

Mir kruten 1 Retour zum Rapport vum 10.07.2024 iwwert de Punkt, "weider Erklärungen zum Audit Rapport"

Do deelt De Schäfferot mat, datt d'Gemeng d'Kommissioun an noer Zäit invitéiert fir zesumme mam Klimaberoder Team Erklärungen zum Audit Rapport ze ginn.

Punkt 4 : Projet Repair Café

D' Visite vum Repair Café zu Walfer gouf a Bezuch zum Rapport präsentéiert.

Wichteg Punkten doraus sinn:

- Zesummen mat der Gemeng an der CELL ee flott Konzept ze preparéieren.
- Eng Präsentatioun fir d' Bierger z' organiséieren am Virfeld vun engem éischten Repair Café an eiser Gemeng.
- Potentiell interesséiert Reparateuren an der Gemeng fannen.
- Eng Raimlechkeet festleeën fir de Repair Café duerchzeféieren. Parkplazen an e flaachen Accès si wichteg.

Fir den Oflaf vum Repair Café ass et wichteg:

- Eng Empfang Plaz fir d' Clienten, wou si Erklärungen kréien an eng Reparatur Fiche ausfëllen.
- E groussen Raum zur Verfügung ze hunn mat Dëscher an Still a genuch elektresch Prisen fir d' Geräter unzeschléissen.
- E klenge Catering mat Kaffi, Gedrénks a Knabber Saachen fir d' Reparateuren an fir eventuell d' Waardezäiten vun de Leit fir z' iwwerbrécken. Fir Reparateuren, déi jo benevole schaffen, ass Bekäschtegen gratis. Eventuell de Kaffi fir Visiteuren och. Et gouf drop higewisen dat d' Kommissioun och ee klengen Budget hätt. Dat muss awer gekläert ginn!
- Eng Sammel Béchs virgesinn wa d' Clienten wëllen e fräiwëllegen Bäitrag leeschten.

Dës Punkten goufen vun den Kommissioun' s Memberen eestëmmeg begréisst.

Déi nächst Etappen:

- Den **Schäfferot an eis nächst Sëtzung, zesummen mam Här Bossi vun der CELL, invitéiert** fir de Projet am Akkord ze konkretiséieren. De Buergermeeschter an den 2ten Schäffen sinn jo souwéisou Memberen vun der Kommissioun.
- No der Fuesvakanz, Enn Februar, eng Informatioun Konferenz fir Bierger aus der Gemeng organiséieren. D' Invitatioun kann iwwer Flyeren, Buet an/oder d' Websäit erfollegen.
- Mëtt Mäerz den éischten Repair Café organiséieren.

Punkt 5: Divers

Den Thiery Everad huet informéiert dat am Klima Team iwwert eng Initiativ geschwat gouf fir een Reparatur Atelier fir elektresch Geräter op d'Been ze stellen. Affaire à suivre!

Am Kader vun ëmmer méi Photovoltaik Installatiounen an eiser Gemeng huet de Joske Vosmann een Dokument präsentéiert iwwert Kreatioun vun lokalen Energie Gemeinschaften, fir eng gemeinsam Notzung vun erneierbarer Energie. Des Gemeinschaften géifen vun den Reseau Käschten befreit. Bei ëmmer héieren Energie Konsum brauchen déi besteeënd Stroum Netzer warscheinlech da manner ausgebaut ze ginn

De Joske huet vun 2 Gemeinschaften am Privatberäich geschwat:

- Mat max. 3 Memberen an engem Ëmkrees vun <= 100m, ohne Gesellschaft Kontrakt
- Mat méi Memberen an engem Ëmkrees vun <= 300m mat engem oder méi Memberen déi Energie produzéieren, an Memberen déi d' Energie verbrauchen. An dësem Fall gëtt ee Gesellschaft Kontrakt erstallt.

Méi Infoen bei der Klima Agence.lu an Creos-net.lu

Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **11 Dezember um 19h00** am Veräin's Sall.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1) Retouren, Demanden aus der Gemeng
2) Repair Café, zesummen mam Schäfferot an der CELL
3) Bilan Ëmwelt Charta a Green Event Manifestatiounen

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.